N°3126
Entrée le 14.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°3126 vum 30. Oktober 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Charles Weiler zum Sujet " Réglementation des fonctions d'ingénieur-directeur et d'ingénieur-directeur adjoint au sein des syndicats intercommunaux".

1. Ass den Här Minister sech der uewe genannter Problematik bewosst ?

Déi vum honorabelen Deputéierten Charles Weiler ugeschwate Problemer am Zesummenhang mam Fonctionnement vun de Gemengesyndikater sinn dem Inneminister bewosst. D'Gehälterreglement vun de Gemengebeamte gesäit zwar d'Fonctioun vum Direkter fir, mee den Direkter huet keng Entscheedungsgewalt an och keng Befugnisser wat d'Leedung vum Personal vun engem Gemengesyndikat ugeet. Op Grond vum Gemengegesetz a vum Gesetz iwwer d'Gemengesyndikater leien all Weisungsbefugnisser an d'Personalgestioun vun engem Gemengesyndikat an der Kompetenz vum Bureau vum Syndikat. D'Gesetz gëtt zum jëtzegen Zäitpunkt kengem Beamten Kompetenzen an deenen Matièren.

2. Ass den Här Minister bereet, déi néideg legislativ Ännerungen unzegoen - sief etum Niveau vum Gemengen- oder vum Syndikatsgesetz - fir d'Funktioune kloer zereglementéieren ?

Den Inneministère huet en Avant-projet de Loi ausgeschafft den et dem Bureau vun engem Gemengesyndikat erméiglecht verschidde vu senge Befugnisser un den Direkter vum Syndikat ze delegéieren. Den Direkter soll och kënnen eng Delegation de Signature am Beräich vun de Finanze kréien. Dee betreffenden Avant-projet de Loi gëtt a nächster Zukunft dem SYVICOL esou wéi der Association des Ingénieurs-directeurs et Ingénieurs-directeurs adjoints (ALID) virgestallt an diskutéiert.

An enger nächster Phase wäert den Avant-projet de Loi dann der Commission centrale am Inneministère fir Avis zougestallt ginn a geet dono an d'Procédure législative.

Lëtzebuerg, den 14. November 2025
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden